mywort by Luxemburger Wort

Die Lokalseite zum Mitmachen

(https://wort.lu/de/mywort)

# Engagéiert fir Schoulen op Madagaskar

Nadine Elcheroth (https://wort.lu/de/mywort/author/57ed04ca200000f90acd1ef8)

Veröffentlicht am Freitag, 3. März 2017 um 18:02

Den 2. März hat d'Associatioun "E Pak fir Madagaskar" hir 180 Memberen op d'Generalversammlung invitéiert. Déi dynamesch Asbl ënnerstëtzt säit hirer Grënnung (2015) Schoulen op Madagaskar, andeems Päck mat haaptsächlech Schoulmaterial fir d'Schüler an d'Enseignanten a franséisch Kannerbicher fir d'Schoulbibliothéiken an d'Schoule geschéckt ginn.

D'Präsidentin Nadine Elcheroth huet di iwwer 20 Memberen häerzlech begréisst a konnt mat der gudder Nouvelle ufänken, datt dank der generéiser Ënnerstëtzung vu lëtzebuerger Veräiner, Schoulen a Privatleit mëttlerweil 5 madagassesch Schoulen (ronn 500 Schüler) regelméisseg vun der Asbl ënnerstëtzt ginn. An de knapps 3 Joer säit d'Asbl besteet konnten iwwer 2 Tonnen Schoulmaterial op Madagaskar geschéckt ginn. Ervirgehuewen huet d'Präsidentin di gutt Zesummenaarbecht mat der "Papeterie Toepke", mat der Grafikerin Marie-Claire Philippe a mat DHL (Konz).

Besonnesch d'Aktioun "E Rucksak fir Madagaskar" fir d'Schoulrentrée 2016/2017 huet duerch de Partenariat mat "Advanzia Bank" an de villen Donen e ganz grousse Succès kannt, sou datt 400 mat Schoulmaterial gefëllte Rucksäck konnten an de madagassesche Schoule verdeelt ginn.

Fir d'Joer 2017 stiechen, niewt villen aneren Aktivitéiten, 2 Projeten ervir:
am Juli flitt eng Delegatioun vum Comité op Madagaskar, fir sech op der Plaz e Bild vun der Entwécklung vun de Schoulen ze maachen, sech mat de lokalen Autoritéiten ze treffen a sech nei Ziler fir eng zukünfteg Zesummenaarbecht ze setzen.
Ausserdeem wäert d'Asbl mat der "Association pour le Développement de l'Energie Solaire" Suisse-Madagascar (www.adesolaire.org) zesummeschaffen, fir d'Schoulkantinne mat Solarkocher auszestatten, déi op der Plaz fabrizéiert ginn a fir an de Schoulen Opklärungsaarbecht am Ëmweltberäich ze leeschten, fir sou déi eemoleg madagassesch Flora a Fauna ze schützen.

Den aktuelle Comité setzt sech zesummen aus: Nadine Elcheroth (Präsidentin), Christiane Gros (Trésorière), an de Memberen Nadine Diedrich-Steffen, Armand Mignon a Gaby Waringo.

All Informationen zur Asbl fënnt een op www.epakfirmadagaskar.lu